N°2753
Entrée le 07.08.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 07.08.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 7 août 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Inneminister weiderzeleeden:

*„ Den Nordstadprozess leeft elo schonn zanter iwwer 20 Joer. Bis ewell ass et awer nach net zu enger Fusioun komm, obwuel et mëttlerweil eng ganz Rei Forme vun Zesummenaarbecht gëtt.*

*An deem Kader wollt ech dem Här Inneminister follgend Froe stellen:*

1. *Wéi vill Gelder si staatlechersäits an den Nordstadprozess zanter 2015 gefloss?*
2. *Wou gesäit den Här Minister kloer d'Virdeeler vun enger Fusioun?*
3. *Wéi héich wier d'Dotatioun vum Staat, wann déi véier Gemenge géife fusionéiere? Wéi héich ass déi gesamt Dotatioun ouni Fusioun?*
4. *Wat fir konkret gemeinsam Projeten, déi an Zukunft realiséiert solle ginn, hunn déi véier restlech Nordstad-Gemengen a Gespréicher mam Inneministère ugeschwat, oder ugekënnegt?*
5. *Sollt de Fusiounsprozess scheiteren, ass den Här Minister da gewëllt, fir déi betraffe Gemengen zu Zweeër-Fusioun ze beweegen?"*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten